ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**ADR - Stad**

Lëtzebuerg, den 21 Februar 2017

Madame Buergermeeschtesch,

Esou wéi d'Reglement (Art.9) et virgesäit, wéilt ech dem Schäfferot dës Fro stellen.

Samschdes, den 19.2.2017, war an der Press ze liesen dat d'Badeanstalt an der Stad nees op wär, nodeems se 2 Deeg wéinst Legionellen am Waasser an de Männerduschen zou war. D'Legionellos ass eng bakteriell Krankheet déi sech verbreet duerch anootmen vun infizéierte Waasserdrëpsen déi an Loft schwiewen. Dës Krankheet ass ganz geféierlech a kann zum Doud féieren.

Meng Froe sinn:

1) Wéi ass et dozou komm dat déi Bakterien am Waasser respektiv an der Loft waren?

2) Wéi a wéini ass et fest gestallt ginn, datt et d'Bakterie vun der Legionellose waren?

3) Ware Benotzer vun der Badeanstalt a Gefor? Ass Kontakt mat de Benotzer opgeholl ginn, déi kuerz virun dem Entdeckte vun der Bakterien an der Badeanstalt waren? Ass Kontakt mat Spideeler an Dokteren opgeholl ginn, fir eraus ze fannen op Leit sech infizéiert hunn?

4) Ass er richteg, datt nëmmen d'Männerdusche betraff waren? Wa jo, wéi ass dat ze erklären?

5) Wéi eng Moossname si geholl ginn, fir d'Sécherheet an d'Gesondheet vum Personal ze schützen?

6) Ass d'Personal, besonnesch déi Leit déi sech ëm d'Propretéit vun der Männerdusche këmmeren, medezinesch ënnersicht ginn?

7) Konnt d'Personal vum technesche Chômage benefisséieren, fir déi 2 Deeg wou zou war, oder mussen déi Deeg vun hirem reguläre Congé huelen?

Mat beschte Gréiss
Marceline Goergen
Gemengeconseillière

Marceline Goergen Gemengeconseillière Stad Lëtzebuerg
☎46 37 42 ✉ marceline.goergen@adr.lu